# DE BIDGANG NO CONTER.

Zó aalen Zeiten,
Vun alle' Seiten,
Zur Waldburga,
Der heel'ger Fra,
Gongen d'fróm Kreschten
Den Aelter reschten,
Mat enger Kierz,
Engém selv'ren Hierz,
Hier Aa'n ze g'nieren.
Ville' mam Schmieren,
Hoit se d'Gnood gin
'Rem ze gesin.

An haut no Conter,
Gi' vill Gesonter,
Dé gud gesin,
Wann se doir gin;
A' beim 'remké'ren
Hier Aa'n verlé'ren,
Dur'ch d'mæchteg Kraaft
Vum Riewesaaft.
Kuck an de' Bescher,
Oenner den Descher,
Lei'n s'obeneen,
Ré'r'n Aar'm nach Been.

Hei an der Scheier,
D'Marré m'am Freier,
D'Ketché m'am Franz,
Sti' schon am Danz.

An zwó ganz Reien,
Schaddereg Geien,
Ob e poir Stil,
Spillen d'Kadril.
Hé'r wé se sangen,
Kuck wé se sprangen,
Daat weist de Kné,
Daat eppes mé.

D'Kristin am decksten,
Sprengt dach am flecksten.
Vun deem gefroot,
Vun deem geploot,
Muss't hei oofschlooen,
An do jó sooen.
D'Grédchen dé Lab,
Danzt mam Stiedtsflap,
D'Bauern gi' neidech,
D'Bierger si' streidech;
Durech de Neid,
Entsteht de Streid.

Wé se sech rappen,
Wé se sech klappen!
Hei flêht e Glaas,
Do kœmt d'deck Baas.
Se beissen a kraatzen,
Wé d'Honn an d'Kaatzen,
De fannen am Gang,
Eng Haaméschank.

A' mat de Fleschen,
Wé wa' se dreschen,
Schlooen se drob,
Ob Nois à Kob.

Nu mid mat schlooen,
Ka' kee' mé gohen;
Desem blud d'Nois,
Dee' leiht um Wois'
Ka' sech net ré'ren,
Ka' sech net ké'ren.
An hei am Eck,
An do am Dreck,
Leit een ze wémren,
Leit een ze jemren;
Den hoit kèe Schap
Ob sengem Kap.

D'Sonn, de hier Straalen
Geloost hoit faalen
Ob dat Ongleck,
Zéht sech zereck.
A' schó weist d'Auer,
Ob der Kir'ch Mauer,
Dat et ass Zeit,
Z'end'gen de' Streid.
Am frœl'chste' sangen,
Leschteschste' sprangen
Gi' se vu do,
Ganz schwarz a' blo,

Mat bluddl'che Kæppen,
An z'rass'ne Læppen.

Over am Besch,
Get erem fresch,
Ob d'fiercht'rlecht Klappen
Gehohlt eng Schappen.
An hei an do,
Leeft daat deem no,
As wé een Hieschen,
Iewert grengd Grieschen.
Dee' mé galant,
Reecht deser d'Hand,
Fir se ze fé'ren,
'Wéneg spazé'ren.
Dé laafen hïer,
Dé plecken Bïer,
Dee' geet sech strecken
Doir œnnert d'Hecken,
Bes se, verloir,
Sech Poir a Poir,
Zesoime fannen.
Waat ass dohannen,
Wât ste só weis,
Leien geseis?

De Jang m'am Ketchen,
Ob engem Betchen
Vu' weechem Most! . . .
Ei, Brudder, brost.

Dach must der wessen,
Dat, beim Gewessen,
Ech moinech Saach,
Dé sech deen Daag
Hoit zógedrooen,
Muss iwerschlooen.
Wann ee' sech vleicht,
Iergert ze leicht,
Kænt 't mer schlecht gohen.
Dach muss ech sooen,
Dass d'deischter Noicht
S'an Staad hoit broicht.
Deen hat eng Hipchen,
Deen eng kleng Knipchen,
Dee' kemt so goir,
An haat . . . . . en Hoir.

A' moincher Mædchen,
Bezilt de' Frædchen,
De' ongbedoicht,
'T 'só weit hoit broicht.

D'Ros, unne Soirgen,
Dé kaum ee' Moirgen,
So schê' gebléht
As oofgeméht.
An am vergoohen
Hoit se zerschlooen,
An engem Aableck,
All sei Geleck.

O Waldburga,
Du heeleg Fra!
Wann ste m'am Schmieren,
Och kœns genieren
Esó eng Wonn,
Dees Schmier, eng Tonn,
Müs de ganz gieren,
Ob all dé schmieren
Dé zum Altoor,
Kwœmmen all Joor.

Letzeburg, den 10. Junny 1830.

DIEDENHOVEN J.